ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 16. Dezember 2015

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister weiderzeleeden.

Den Artikel 38 vun der Direktiv 2013/30/UE, wou et ëm de Schutz vun de Mierer geet, gëtt iwwert e Gesetz (parlamentarescht Dokument 6878) ëmgesat. Am Rapport ass awer och den Hiwäis, datt een anere Punkt vun därselwechter Direktiv iwwert de groussherzoglecht Reglement vum 8. Januar 2015 ëmgesat ginn ass.

Dëst werft Froe vu prinzipieller, gesetzgeberescher a konstitutioneller Natur op.

Dowéinst wéilt ech dem Här Premierminister dës allgemeng Froe stellen:

1. *Sinn aner EU-Direktiven, am ganzen oder zum Deel, iwwert e groussherzoglecht Reglement ëmgesat ginn?*
2. *Wa jo, kann d'Regierung eng Oplëschtung vun dësen Direktive ginn?*
3. *Ass d'Regierung der Meenung, datt et richteg ass, EU-Direktiven ëmzesetzen, ouni dofir d'Zoustëmmung vun der Chamber a Form vun engem Gesetz ze hunn?*
4. *No wéi enge Kritären decidéiert d'Regierung, eng EU-Direktiv ouni d'Zoustëmmung vun der Chamber ëmzesetzen?*
5. *Op Grond vu wéi engem Artikel aus der Verfassung ass et méiglech, EU-Direktive ganz oder zum Deel ouni Gesetz ëmzesetzen?*

Méi speziell iwwert d'groussherzoglecht Reglement vum 8. Januar 2015: dëst berifft sech op dat modifizéiert Gesetz vum 9. November 1990 iwwer de Registre maritime. Et geet am Reglement ëm d'Exploitatioun vu Pëtrol a Gas am Mier.

1. *Op wéi en Artikel aus dem Gesetz vum 9. November 1990 iwwer de Registre maritime bezitt sech dat d'groussherzoglecht Reglement?*
2. *Wann d'groussherzoglecht Reglement sech net op e konkreten Artikel bezitt, besteet dann net d'Gefor, datt d'groussherzoglecht Reglement vum 8. Januar 2015 virun de Gerichter ka kontestéiert ginn?*

Mat déiwem Respekt



Fernand Kartheiser

Deputéierten